CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
02 JUIN 2017
3051

CSV FRAKTIOUN

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert déi aktuell Dréchent un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeginn.

Wéinst der aktueller, extremer Dréchent an dem Ausbléiwe vun Nidderschlag an de läschte Wochen a Méint, sinn zu dësem freien Zäitpunkt am Joer schon eng sëllech Quellen a kleng Waasserleef versickert an deenen sech Véi op de Weide versuergt hunn. Doduercher, dass Véi an dëse waarmen Zäiten och méi ee grousse Waasserverbrauch huet, musse Landwirt zousätzlech Waasser bei hier Béischte féieren, wat een zousätzleche Käschtepunkt fir de Landwirt duerstellt. Dobäi kennt, dass vill Baueren oft net iwwert dat néidegt Equipement, spriech Waasserfässer verfügen, déi am Moment awer gebraucht gi fir Béischten adequat kennen ze versuergen. Och dëst stellt een zousätzleche Käschtepunkt fir de Bauer duer.

An deem Kader, wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen :

- Ass den Här Minister sech der uewegenannter Problematik bewosst?
- Huet de Minister wëlles de betraffene Baueren eng Ënnerstëtzung zoukommen zeloossen ?
- Wann jo – wéi kennen dës Hëllefen ausgesinn ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Ali Kaes**
**Députéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
22 JUIN 2017

Dossier suivi par : M. André VANDENDRIES
Tél. : 247 82529

Réf.: 3651 17

**Monsieur Fernand ETGEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 22 juin 2017

**Objet:** Question parlementaire n° 3051 de l'honorable Député Monsieur Ali Kaes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs,

Fernand ETGEN

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire no 3051 de l'honorable Député Monsieur Ali Kaes**

**Ass den Här Minister sech der uewegenannter Problematik bewosst?**

De Minister ass sech der Problematik bewosst.

**Huet de Minister wëlles de betraffene Baueren eng Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen? Wann jo, wéi kënnen dës Hëllefen ausgesinn?**

Et existéiert keng legal Basis fir de Baueren eng Ënnerstëtzung beim Uschafe vu Waasserfässer zoukommen ze loossen. D'Agrargesetz gesäit keng Investitiounsbäihëllef an dësem Fall vir. D'Véihalter, déi hir Béischten unhand vu Waasser aus Flëss a Baachen dränken, mussen domadder rechnen, dass während méi dréchene Perioden de Waasserstand an dëse natierleche Waasserleef net duer geet an dowéinst op eng Alternativ a Form vun engem Waasserfaass resp. d'Zéien vun enger Waasserleitung muss kënnen zréckgegraff ginn, resp. d'Béischte mussen op Fläche kënnen ëmgesat ginn, wou eng Waasserversuergung séchergestallt ass.

Déi Baueren, déi elo kee Waasser an enger Wiss hunn, sief et well e Waasserlaf dréchen ass, oder wëll keng Waasserleitung do leit, kréien dëse Summer kee Waasser méi dohin, ausser se féieren et mat engem Waasserfaass.

Fir d'Installéiere vun Dränken a Waasserleitunge kënnen d' Baueren iwwert den Artikel 33 vum Agrargesetz eng Bäihëllef kréien. Den Taux ass 35% hors TVA an et musse minimum 2 Hektar Wiss desservéiert ginn.

Dës Projet'en musse vum Environnement an och eventuell vum Wasserwirtschaftsamt (wann e Waasserlaf betraff ass) genehmegt ginn.

D'Cloturéiere vun de Waasserleef oder de Quelle geschitt op fräiwëlleger Basis. De Bauer kritt seng Clôture am Prinzip ganz bezuelt (max. 11,50 € pro Meter Clôture); bei der Dränk gëtt et 35% hors TVA op de Käschten.